



## Fir ze bedenken

Wien e bëssen an ‚eiser‘ Geschicht doheem ass, dee versteet, datt *dee klengen Eckelchen, deen s d'an der Welt am allerléifsten hues* (Michel Lentz), kee besonneschen héich-kulturelle Fong kann hu wéi Frankräich, Däitschland oder soss eent vun de Länner hei ‚ronderëm‘. Dee mécht sech och net extra vill **Gedanken iwwer déi Super-Chance – an d'Zoufäll!** – vun deene mir haut profitéieren... déi deenen Allermeeschten ower leider an hiren Zesummenhäng net bewosst sinn.

Wien an ‚eis‘ Geschicht vum 19. an deelweis 20. Joerhonnert bliedere geet, deem gëtt ganz séier kloer, watfir engen Ëmstänn mir dee Respekt (och Näid!) ze verdanken hunn, deen haut hei als eng Grimmel zevill ‚normal‘ gekuckt gëtt. Eis Historiker zéien Ursaachen a Wirkungen dacks **zevill sprock mam wëssenschaftleche Lineal**, woumat den ‚Normalo‘ dann d'meescht net apaart vill unzefänke weess. Zum Beispill d'Fro: **Wéi wier et gewiescht, WANN...**

- ‚si‘ um Wiener Kongress (1815) dem Oranier Wëllem I Lëtzebuerg net perséinlech als ‚Auerkettche‘ fir seng territorial (ottonesch) Verloschter lénks vum Rhäin an d'Jillistäsch gestach hätten?
- dem Pränz Hary seng Zare-Famill 1867 zu London net an deem Gejober/Verkauf vum Grand-Duché fir 5 Milliounen Goldflorinën téscht dem Wëllem III an dem Napoleon III hannert ‚äis‘ gestan hätt; ouni emol vun der Roll vum Bismarck ze schwätzen, dee vun den Deputéierten zu Frankfurt veruuzt gi war... am Fong eng ganz Abberzuel vun Elementer.
- dem Wëllem III seng Duechter Wilhelmina 1890 net hätt misse wéinst dem Nassauer Familljekontrakt vu 1783 zugonschte vun hirer walramescher (hessescher) Linn verzichten?
- keng Honnerte vu Lëtzebuerg am 1. Weltkrich op deer franséischer Säit gestan hätten; liest dee Bewäis (an d'Geschicht vun duerno) emol agemeesselt hannen op der ‚Gëlle Fra‘.
- mir äis am 2. Weltkrich net ‚geschéckt‘ hätten, d'Grande-Duchesse an d'Regierung net déi aner Säit vum ‚grouse Pull‘ an dem ‚Kanal‘ geschafft hätten; wann d'Vollek an eis Resistenz den Nazien de Kapp net op all méiglech Fassonge gewisen (duergehal!) hätten???

**EIS SPROOCH da bei deenen Zesummenhäng?** Mä den héichintelligente Lëtzebuerg Lécker Universitätsprofessor **Antoine Meyer** aus der ‚Dräikinnegsgaass‘ hat net fir näischt ‚zesoen ‚instinktiv‘, erkannt, datt **d'Sprooch vum Land eng sozio-psychologesch Roll fir d'Eegestännegkeet vu Lëtzebuerg** geng spillen. Den **Dicks** (e Jurist) huet an Däitschland an an der Belsch studéiert... a Lëtzebuergesch publizéiert; firwat? De **Michel Lentz**, op héigem Poste matzen am ‚Schalteraum‘ vun der Regierung, huet genee gewosst, wou d'Kromm an der Heck giff leien. De Fong vum **Michel Rodange** sengem ‚Reenert‘ weist – a Lëtzebuerg Sprooch! – mat der Fuusse-Fabel kloer op deen dënne Fuedem, un deem d'eegen Existenz vu Lëtzebuerg als Staat gehaangen huet.

Op déi Manéier ka jidderee verstoen, datt eis Sprooch eent vun de Kappstécker vun eiser Kultur an esouguer vum Fong vun eiser Existenz als souveräne Staat ass. Si ass nun emol och de ‚Katalysator‘ vun eiser Sproochsituatioun, fir déi mir zimlech sécher op der ganzer Welt bewonnert/ beneit ginn. An dann: **VIVE LËTZEBUG!**

**Virun 80 Joer** wiert dir verhaft ginn, ëmgiesedelt oder an d'KZ komm, wann dir eise Fändel op Nationalfeierdag erausgehang hätt. **Dofir solle mir haut eis FRÄIHEET an ONOFHÄNGEGKEET weisen a feieren.**  
D'Gréisst vum Fändel ass net dat Wichtigst...an et gëtt der iwwerall!

## Kleng, ower gëfteg!

Et ginn **deer klenger Knatzerte vu Wieder**, déi engem zwar net sënnerlech opfallen, mä just dowéinst e Problem fir eis Sprooch sinn. Si rëtschen äis an d'Ried, ouni datt mir si anuecht huelen, zesoen, *heimlich, still und leise*. Huel emol *anstatt, zumindest, mëttlerweil*; dat ass pur Däitsch! Mir hunn dofir **a(m)plaz, op d'mannst, iwwerdeems**; dir fannt deer bestëmmt nach selwer eng Täschen voll.

Vläicht mengt dir och, datt wier dach egal. Ower hei hu mir et mat deer ‚Klenggekeen‘ ze din, déi souzesoen d'Speis téscht den Zillen erauspiddelen...nennt se mengentwéigen elo ‚Adverb‘ oder ‚Interjonktioun‘ asw. Mat deem ‚Egal sinn‘ schnëppelt een un eiser/all Sprooch.

vum Lex Roth



## Den Här Louis Pavan,

e fläissegen(ommezegen, äerdegen) Diddelenger Pensionéierten, huet äis eng 14 Saiten laang (!) Lëscht Lëtzebuerg Riedensarten, Nimm vu Beschäftigungen, Spille-rienen a ‚rose-queesch‘ Ausdréck geschéckt, déi an eiser Sprooch doheem sinn; mir hunn si eng Grimmel ‚erstëmpt‘, mä dat sinn se och bestëmmt nach net all, gelldir. Probéiert déi hei emol an eng aner Sprooch ze iwwersetzen... well déi sinn doran och net esou ‚akademesch‘; pardon, mä dat gehéiert nun emol zu jidder Sprooch:

*schiele Guckuck – Baluckert – Brëllenaf – Sténkbock – Klatzkapp – Schlappschwanz – Knéckjang – Fuddeler – Tuddeler – Schnuddeler – Päifekapp – Biddestopp – Dëppegeisser – Ierzenzieler – Méckepéiler – Trëllert – Knaschert – Sauhand – Schäisskréimer – Schlinteschësser – Laisbock – Frechdachs – Fatzert/beidel – Uschësser – Prisongschësser – Knaschtsak – Rotzbof – Blatzkueder – Stréckel – Rëffbock/kinnek – Stëpeler – Buuschtebënner – Schlofkap – Trëtzekätt – laangt Sch...haischen – Schmierpan – Ligebatti – Quëtschbloder – Gargullenaf – Vullemetty – Nullekackert...*

## Zréckmuppes?

Dat ass iech vläicht net bekannt, well dir sot ‚(hondsgewéinlech) Liewerwurscht‘ dofir. Et ass ower ee vun de rare Fäll, wou **dat zackerdjessen ZRÉCK** eng Plaz am éierbare Lëtzebuergesch huet; wougéint hei ewell méi dacks gemëffert ginn ass. **Mir ginn nun emol näischt ‚zréck‘, kommen och net ‚zréck‘, äntweren net ‚zréck‘, huelen näischt ‚zréck‘, falen net ‚zréck‘**, do hu mir dach *hannescht- oder erëmginn*, hanneschtgoen, *erëmkommen, hannerzeg* fueren. Och hei kann een dann héieren, dat wier jo net esou wichtig. Mä da bedenkt emol, wéi ‚onwichtig‘ et ass, ob een am Engleschen *on-for-to*, am Franséischen *à-pour-de-afin* oder am Däitschen *um-zu-für* duercherneerselt. Datselwecht fënnt een am Italiéneschen, dem Portugiseschen oder Skandinaveschen... et ass einfach **charakteristescht!**

## Typesch EISES

Huet dir ewell probéiert, fir an enger vun äre bekannte Sproochen ze soen, et soll ee sech ‚tommelen‘ oder ‚fläissen‘ ower net zevill ‚houen‘ oder ‚druginn‘. Da mierkt dir, datt et net grad esou einfach ass... well mir eng apaart Fassong hunn, fir ze soen, et soll een net ze ‚lues‘ maachen. Gell, dat ass net esou einfach, wéi een dat op deen éischte Siess giff mengen. Et ass ower e gutt (gellecht) Mëttel fir ze (be)weisen, datt d'Lëtzebuergesch seng eege Piedercher trëppelt. Am Engleschen ass et (wéi Villes!) méi einfach; souzesoen ‚to stress or not to stress‘, en Allerweltsausdruck, deer et an dëser Sprooch kiwwelweis gëtt, grad ewéi elo dat ‚boosten‘ sech am Franséischen an Däitschen eraschläicht. Et sief natierlech jidderengem iwwerlooss, wéi hien et mat deem Sproochgeschluders huet... mä dat rappt u jidder ‚Idiom‘.

## eng gutt ‚Übung‘

Fir all **déi Leit, déi berufflech, vrun allem um Mikro mat eiser Sprooch ze din hunn**, gëtt et eng super-einfach Fassong, eis Sprooch an de Grëff ze kréien: Sech **Texter/Artikelen vun e puer Zeilen aus Zeitungen erausschneiden; déi dann a puer Minutten esou ‚geruet‘ wéi méiglech op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen**. Wann een sech dat uwinnt, da gëtt et ganz séier eng Zort vun Automatismus. Vläicht wier et och flott, fir sech mat engem aneren an deem Sënn ‚auszetauschen‘, esou datt een deen anere ‚kontrolléieren/verbessere‘ kënn.

Mir hunn dat an enger Partie Klassen am Franséische gemaach, an et war esouguer Spaass, apaart well et net nëmme mat deenen ‚dréchene‘ Schoulbicher ze din hat...méi no beim ‚praktesche Liewen‘; et begéint een der nach haut, déi mat Begeescherung dovun schwätzen. Eiser Sprooch giff deen ‚Trick‘ enorm hëllefen.



## Zwou ‚Pautschen‘

Dat ‚Pautsch‘ gëtt et nëmme an eiser Sprooch...ower ganz no beim franséische ‚poché‘, oder dem englesche ‚pouch‘; bei äis och esouguer nach als Verb: ‚pautschen‘, eppes aus enger Pautsch, also enger ‚Knippchen‘ an der Haut erausdrécken. Gewosst?

Wann de Parquet (Gericht) eppes commandéiert, da freet ee sech firwat dat dann elo ‚ugeverndnet‘ soll ginn...dréckt déi Pautsch/Eess op. ☺ Wann dir nach ni op enger bestëmmter Plaz waart, da kennt dir iech do dach net aus; dir sidd einfach net kënneg... wat ëmgedrëint hei als ‚kundig‘ dolaanscht ass. Heinsdo ass et ganz intressant, Lëtzebuergesch ‚hannerzeg‘ op Däitsch ze iwwersetzen...fir erauszefannen, datt ‚sech gläichen‘ net onbedéngt ‚dselwecht‘ ass.